N°4623
Entrée le 17.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Sportsministesch, den Här Inneminister an den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„De Wëllwaasserkanal zu Dikrech ass eng wichteg Infrastruktur fir de lokale Kanu- a Kajaksport. De Kanal gëtt net nëmme vum CND Kayak Club Dikrech fir den Training genotzt, mee gouf an der Vergaangenheet och reegelméisseg vu Paddeler aus den Nopeschlänner besicht. Domat stellt en och eng wichteg Attraktioun fir Dikrech an d'Nordstad duer.

Besuergte Bierger hunn eis rezent op Problemer higewisen, déi sech an de leschte Jore verschäerft hunn. Besonnesch d'Ufer vum Kanal sinn duerch Iwwerschwemmungen deelweis zolidd beschiedegt a stellen esou eng Gefor fir d'Sécherheet vun de Sportler duer. Dobäi kommen ëmmer nees technesch Problemer mat der Anlag fir de Waasserstand ze reguléieren.

Et gëtt leider och reegelméisseg Problemer duerch Vandalismus an eng net konform Notzung vun der Infrastruktur. Konkret gëtt vun enger Grupp vu Leit bericht, déi wärend dem Training duerch de Kanal schwammen, Dreck op de Wisen hannerloossen an d'Slalompaarte beschiedegen, andeems se sech drun hänken.

Obwuel an der Vergaangenheet schonn eng Plainte wéinst esou Schied gemaach ginn ass, sinn och 2026 nees Slalompaarte futti gemaach ginn. Dowéinst mussen d'Paarten ewechgeholl an den Training vum Veräin wesentlech ageschränkt ginn. Och Sécherheetsmaterial, wéi Rettungsstaangen a Rettungsreefer gi mëssbraucht.

En anere Problem ass déi grouss Zuel vun Nilgänsen op der Insel am Kanal. D'Déiere verschmotzen d'Insel staark, wat och dozou féiert, datt Booter, Paddelen a Kleeder vun de Sportler verschmotzt ginn. Gläichzäiteg stellt sech d'Fro, wéi mat der Präsenz vun dëser invasiver Aart an engem sensiblen Ëmfeld ëmgaange soll ginn.

D'Situatioun ass ëmsou méi bedauerlech, well den Zoustand vum Kanal a sengem Ëmfeld riskéiert, d'Attraktivitéit vun dëser sportlecher Infrastruktur fir lokal an auslännesch Paddeler spierbar ze reduzéieren.

An deem Kader wollte mir der Madamm Sportsministesch, dem Här Inneminister an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Madame Ministesch den aktuellen Zoustand vum Wëllwaasserkanal zu Dikrech aus sportlecher Siicht? Ass geplangt, fir zesumme mat de betraffenen Acteuren, déi néideg Moossnamen z'ergräifen, fir de Kanal nees komplett fir den Training an d'Competitioune vum Kanu- a Kajaksport notzen ze kënnen?

- Wéi eng Verwaltung oder ëffentlech Entitéit ass aktuell fir den Ënnerhalt an d'Restauratioun vum Wëllwaasserkanal an den Infrastrukture ronderëm de Kanal zoustänneg? Sinn Inspektiounen iwwer den Zoustand vun den Uferen an der Waasserreguléierungsanlag duerchgefouert ginn, a si konkret Renovatiouns- oder Sécherheetsmoossname geplangt?

- Wéi vill Fäll vu Vandalismus oder Beschiedegunge vun den Infrastrukturen um Wëllwaasserkanal goufen der Police an de leschte Jore signaléiert, a wéi eng Moossname si virgesinn, fir weider Schied ze verhënneren? Ass d'Installatioun vun Iwwerwaachungssystemer eventuell virgesinn?

- Ass d'Madame Ministesch bereet, zesumme mat der Stad Dikrech an de lokale Veräiner, e Gesamtkonzept fir d'Opwäertung vum Wëllwaasserkanal auszeschaffen, dat d'Renovatioun vun der Infrastruktur, d'Sécherheet vun de Sportler an d'Attraktivitéit vum Site fir de regionale Sporttourismus berücksichtegt?

- Wéi bewäert de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit d'Problematik vun den Nilgänsen um Wëllwaasserkanal zu Dikrech? Wéi eng Moossnamen sinn aktuell geplangt oder méiglech, fir d'Populatioun vun dëser invasiver Aart ze begrenzen an déi domat verbonne Verschmotzung an aner Problemer spierbar ze reduzéieren?

- Ass den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit bereet, fir zesumme mat de lokalen Acteuren, ze analyséieren, wéi de Site ënner Berécksiichtegung vun den ekologeschen Exigenzen sou gestalt ka ginn, datt d'Biodiversitéit geschützt, d'Risike vun Iwwerschwemmunge begrenzt an d'Attraktivitéit vum Wëllwaasserkanal als sportlech Infrastruktur erhale bleift? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten